ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11. Juli 2018

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister weiderzeleeden.

Am Juni gouf dat nationaalt Monument fir d'Erënnerung un d'Shoah ageweit. Dëst ass d'Geleeënheet fir eis ze froen, wéi mir mat eise Monumenter ëmginn an ob si ëmmer mat deem néidege Respekt behandelt ginn. Sou war z.B. um Nationalfeierdag eng Tribün just virum Shoah-Monument opgeriicht ginn. Ronderëm d'Gëlle Fra si permanent all méiglech Aktivitéiten, ouni dat iergendwéi ze erkenne wär, datt d'Regierung oder d'Gemeng Lëtzebuerg dobäi géife speziell op d'Monument fir déi Doudeg an de Kricher oppassen. Op anere Plazen, wéi z.B. beim Robert-Schuman-Monument bleiwen d'Blummen an d'Kränz nach leien, och wann si scho laang verwielt sinn.

Am Kader vun der « Marche blanche », déi de 4. Juli zu Esch-Uelzecht am Gedenken un e verstuerwene Museker stattfonnt huet, gouf och de Monument virum « Musée national de la Résistance » uerg verschampeléiert.

Dowéinst wéilt ech dem Här Staatsminister dës Froe stellen :

1. Wéi eng Reegele gëlle beim Staat allgemeng a bei de staatleche Muséeë fir den Ëmgang mat de Monumenter ? Wéi e Service ass zoustänneg fir d'Fleeg an den Ënnerhalt vun de Monumenter ?
2. Wëll de Staat sech Reegele gi fir de Respekt an d'Wäertschätzung vu Monumenter, wéi z.B. der Gëlle Fra, dem Monument fir d'Shoah oder dem Monument virum « Musée national de la Résistance » ?

Fernand Kartheiser
Deputéierten